

I. 2019



école  
et vie

cgfp



**Attraktivitéit**

**vum**

**Enseignants-**

**beruff**

**!?**



**école et vie**

syndicat national des enseignants - sne /cgfp

bulletin syndical, pédagogique et culturel

**www.sne.lu**



## Die neue Schulbank



# ➔ „HOHENLOHER GENIO“ ➔

## Ein Genius unserer Zeit



„Genio, der Schülertisch setzt durch sein zeitgemäßes Design und seine praktische Funktionalität neue Maßstäbe in der Schuleinrichtung. Das innovative Tischgestell in C-Form ist trotz seiner grazilen Eleganz sehr stabil und bietet größtmöglichen Fußraum für den Benutzer. (Optionale Korbablage, Rollengleiter, höhenverstellbar)“

**FREUDE AM LERNEN**



Stufenlose  
Höhenverstellung



Stahlkorbablage



Rollengleiter

**Exklusiv zu Lëtzebuerg bei Bureautique Rosy Wagner-Brauckmann**



### BUREAUTIQUE ROSY WAGNER-BRAUCKMANN

27, rue de la Barrière / L-1215 Luxembourg / T. +352 44 88 08-1 / F. +352 44 88 08-99  
[www.wagner-brauckmann.lu](http://www.wagner-brauckmann.lu) / [rosy@wagner-brauckmann.lu](mailto:rosy@wagner-brauckmann.lu)



sne /cgfp

www.sne.lu

# bulletin 1 / 2019

février 19 - mars 19


... sommaire :



03

**éditorial :**


... wéi steet et  
mat der Attraktivitéit vum Beruff  
vum Schoulmeeschter ?  
... ma guer net gutt !!!



07

**Stage am Fundamental :**


... den SNE an d'CGFP  
hunn eng kloer Positioun  
a Fuerderungen !!!



12

**Pressemitteilung CGFP :**


... Abschaffung  
der 80/80/90 Regelung !!!



15

**sne - Infomail :**


... Flächendeckend Ganzdagsschoul,  
den SNE/CGFP seet NEEN !!!



18

**actualité :**


... le SNE/CGFP a participé  
à la journée des professions  
au Sportlycée !!!



22

**comité syndical européen  
de l'éducation :**

... façonner l'avenir de l'Europe,  
le rôle des syndicats  
de l'éducation !!!



27

**avis CHFEP :**


... sur le projet de règlement grand-  
ducal modifiant le règlement grand-  
ducal modifié du 23 mars 2009  
fixant la tâche des instituteurs .



32

**sne - info :**


... SNE/CGFP visited the  
Didacta - Köln 2019 !



34  
38

**page pédagogique :**


... dyspraxie  
... jeunes autistes Asperger



48  
50  
52

**Buchtipps zur sozio-emotionaler  
Entwicklung bei Kinder :**


- Sozio-emotionale Entwicklung fördern
- Kreativität fördern, Intelligenz entwickeln
- Das Farbenmonster



54

**sne-info :**

... SNE/CGFP sponsored  
Teach's de bal 2019 !



... tout faux - tout vrai !?





... tout faux - tout vrai !?

... stop it ... !?

- ... iwwerluedenen, zum Deel repetitiven,  
wéineg sënnavolle Stage ... ?!
- ... wéineg anstänneg gezillte Kanner ?!
- ... masseg besserwëssend, kaum verantwortungs-  
bewosst Elteren ?!
- ... munch net usprieckbar, ofweisend, autoritär,  
diktatoresch Direktiounen ?!
- ... feelend Autonomie, Vertrauen, Verständnis,  
Respekt, Empathie, Wäertschätzung, ... ?!
- ... kaum ...

E				G			T
---	--	--	--	---	--	--	---

- ... Dingwuert mat 10 Buschtawen,  
fänkt mat « E » un,  
an hält mat op « T » op,  
an der Mëtt ee ...

... **genuch** ...

dir braucht net weider  
virzeliesen an ze rätselen,  
et läit op der Hand,  
jidderengem ass elo scho  
méi wéi kloer ...

no wat fir engem aktuellen  
onattraktivem Beruff ...  
hei gesicht gëtt !?





## éditorial :

# Wéi steet et ...



# mat der Attraktivitéit vum Beruff vum Schoulmeeschter ?

# Ma guer net gutt !!!

Dass de Beruff vun der Léierin a vum Schoulmeeschter net méi attraktiv ass, gëtt ëmmer méi zu enger Evidenz. D'Penurie un Enseignanten, déi an deene leschte Joren ëmmer méi grouss ginn ass, ënnermauert dëse Fakt.

Ursaache fir dëse Phänome ginn et der an den Ae vum SNE/CGFP eng ganz Rei !

Et gëtt héich Zäit, dass d'Politik an d'Gesellschaft am Allgemengen elo endlech reagéieren !

**Fir den SNE/CGFP ass et nämlech kloer dass et net 5 vir 12 ass, mee éischer 12 Auer, wann net esouguer scho 5 op 12.**

... wann net esouguer 5 op 12

D'Politik ass gefuerdert endlech nozelauschten, an déi néideg Mesuren ze ergräife fir de Beruff vum Enseignant nees méi attraktiv ze maachen !!!



Patrick Remakel  
President  
vum SNE/CGFP

## - d'Ausbildung ...



Esou wéi ech et och schonn a menger Ried op der Ouverture vun der Luxdidac 2018 gesot hu **muss viles am Beräich vun der Ausbildung gerännert ginn:**

- D'Studente musse vun Ufank un an hirer jeeweileger Stageklass mat essentiellen Theme wéi Elterenaarbecht, administrativen Tâchen, Heterogenitéit a Konfrontatioun mat Gewalt vertraut gemaach ginn.
- Bei der Ausbildung soll och, niewent der Vermëttlung vun theoretesche Konzepter, d'Vermëttlung vun didakteschem Wëssen a Kënn prioritär sinn. Dëst Wësse spillt jo an der Praxis eng enorm wichteg Roll.
- Während der Ausbildung sollen d'Studenten d'Méiglechkeet hunn, geziilt un hiren depistéierten Defiziter ze schaffen, respektiv Lacunnen opzeschaffen.

Aus all dëse Grënn fuerdert den SNE/CGFP d'Schoulmeeschteschausbildung als Master-studium anzeféieren. Domadder kéint de Beruff revaloriséiert ginn an d'Studenten op déi zukünfteg Defie virbereet ginn.



## - de Stage ...

**No der Ausbildung kënnt jo bekanntlech de Stage.** Duerch de groussen Asaz vum SNE senger Daachorganisatioun, der CGFP, konnt d'Stagedauer vun 3 op 2 Joer verkierzt ginn. Ausserdeem gëtt déi vëlleg onnéideg 80-80-90 Reegelung ofgeschaaft an all «Instituteur-stagiaire» verdéngt nees 100% während sengem Stage.

**Mee eleng dës Verbesserung ginn dem SNE/CGFP net duer.**

- Virun allem muss och den Inhalt vum Stage reforméiert ginn. D'Contenue solle sech op dat Wesentlecht beschränken an onnéideg Widderhuelunge vun Inhalter aus der «Formation initiale» musse komplett aus de Formatioune während dem Stage verschwannen. Och müssen d'Inhalter vun de Stageformatiounen op hir Relevanz iwwerpréift ginn a müssen aus dem Stage eraus geholl ginn, wa si keng «Plus-value» fir de Stagiaire bréngen.
- All Evaluatioun soll aus dem Stage verschwannen. Während der Stagezäit ass et ze vill spéit fir ze kucken, ob e Stagiaire fir de Beruff gëeegent ass oder net, dat muss virdru geschéien!



De Stage soll begleeten, Onsécherheeten ofschafen a Kompetenzen erweideren ouni alles aus dem Studium nees a Fro ze stellen.



## - d'Schoulhalen ...

**En 3. grouse Volet ass dat eigentlecht Schoulhalen.**

- Jonk Leit déi wëlle Schoulmeeschter ginn, maachen dat well si Loscht hu mat Kanner ze schaffen an hinnen eppes bäizebréngen.
- An der Praxis ukomm, mierke si dann dass de Bildungsoptag ënnert dem enormen administrativen Opwand an ënnert dem edukative Volet leit. Déi Zäit feelt dann natierlech fir dat Wichtigst an zwar d'Schoulhale selwer.



... D'Schoulhalen ass jo awer eigentlech déi primär Mission vum Schoulmeeschter an d'Hauptmotivatioun fir dee Beruff ze ergräifen.

**An da si mer scho beim nächsten Thema, der Inklusioun.**

## - d'Inklusioun ...

- Jo, den SNE/CGFP fënnt, dass Inklusioun wichtig ass **an ass grondsätzlech net géint Inklusioun**. Mee da mussen och déi néideg Rahmebedingungen an eise Schoule geschafe gi fir d'Inklusioun ze realiséieren. Schoulintern Strukture mat Infirmieren, Assistant socialen, Educateur graduéen, ... müssen «en place» gesat gi fir eng Inklusioun ze erméiglechen ouni dass den Unterrecht dorënner ze leiden huet.
- Awer **Inklusioun huet an der Praxis och seng Limitten** an net all Kand huet seng Plaz an der «École publique». Jo, ech weess, dass dëst e ganz heikelt Thema ass an dass een och riskéiert, duerch esou eng Ausso als Buhmann op der «Place publique» ofgestempelt ze ginn. Mee et ass meng Pflicht fir op d'Realitéit vum Schoulalldag hinzewiesen. All déi sougenannte Spezialisten, déi sech fir eng Inklusioun ouni Restriktiounen ausschwätzen, solle sech emol Zäit huelen a kucke wéi «d'Schoulhalen» op ville Plaze funktionéiert oder och net funktionéiert. D'Léierpersonal ass op ville Plazen all Dag mat verbaler a kierperlecher Gewalt konfrontéiert. Dat ass eng Realitéit, déi een net verleege kann.
- **Dofir musse genuch Strukturen, déi eng «Prise en charge» an eng Therapie fir verhalensopfälleg Kanner assuréieren, geschafe gi** fir esou de Kanner «à moyen terme» déi néideg Ressourcen a Kompetenze mat op de Wee ze gi fir un engem inklusiven Unterrecht kënnen deelzehuelen.

- **D'Decisioun, fir déi concernéiert Kanner aus dem Reegelunterrecht kënnen erauszehuelen, däerf an den Ae vum SNE/CGFP net méi bei den Elteren eleng leien.** Oft verléieren d'Elteren nämlech all Objektivitéit, wann et ëm hir eege Kanner geet. **Mir sinn der Meenung, dass esou eng Decisioun exklusiv vun de Professionelle getraff muss ginn, an dat am Interêt vun dem concernéierte Kand, vun all deenen anere Kanner an am Interêt vun dem Fonctionnement vun der ganzer Schoul.**

... Nëmme wann elo direkt agéiert gëtt, kënnen mir all zesummen de Beruff vum Enseignant nees méi attraktiv maachen.  
De Ball läit definitiv bei der Politik !!!

Mat syndikalistesche Gréiss  
Patrick Remakel, President vum SNE/CGFP






... tout faux - tout vrai !?

... Klappjuegd ... !?

... ech erënneren Iech all drun :



et gëtt jo en allgemenge Konsens,  
iwwert d'Araume  
vun enger Schounfrist vun 100 Deeg ...  
bei jiddwer neier Legislaturperiod !?



... richtig, awer just fir « Frischlinge »  
a scho guer net, wann een dat Revéier,  
schonns déi lescht Joren ...  
occupéiert a markéiert huet !?

... egal wéi ...

dës honnert Deeg  
si sou wéi sou am Ament scho verstrach ?!




# Stage am Fundamental :

SNE

CGFP

... *den SNE an d'CGFP  
hunn eng kloer Positioun  
a Fuerderungen zum Stage*

Wéi Dir et sécherlech aus der Presse erfuer hutt, ass an deene leschten Deeg endlech Bewegung an dat vill diskutéiert Thema «Stage an der Fonction publique» komm.



**Et kënn zu substantielle Verbesserungen fir den «Enseignant-stagiaire» :**

- De Stage gëtt vun 3 op 2 Joer erofgesat.
- Déi sënnslos 80-80-90 Reegelung gëtt ofgeschaft.

... Réckbléck :

Hei elo kleng Réckbléck op de Stage an op d'Positiounen vum SNE a vu senger Daachorganisatioun, der CGFP dozou.

Mat der Reform an der Fonction publique vun 2015 ass de Stage fir all Staatsbeamte vun 2 op 3 Joer eropgesat ginn, an och d'Léierinnen an d'Schoulmeeschtere kruten amplaz vun deem Accompagnement, dee bis dohinner virgesi war, e «richtege Stage».

Dës Reform an hir Changementer goufe lancéiert vun der deemoleger CSV-LSAP Regierung. Den SNE/CGFP war net Demandeur dovun. Nee – et goung souguer souwäit, datt den SNE/CGFP vun der deemoleger Regierung, d'Aféiere vun engem richtegen Stage als «conditio sine qua non» fir d'Bäibehale vum Staatsbeamtestatut imposéiert krut.

Ouni d'Acceptéiere vun dësem Stage hätten déi zukünftige Léierinnen a Schoulmeeschtere riskéiert, als vum Staat bezuelte Privatbeamten agestallt ze ginn, mat all den negativen statutareshen Konsequenzen, déi dat mat sech bruecht hätt.

Dës konnten een op kee Fall op d'Spill setzen an genau aus deem Grund war den SNE/CGFP da schlussendlech bereet, dës batter Pëll vum Stage ze schlécken.






Eng aner Gewerkschaft aus dem Enseignement huet sech deemools net nëmmen géint eng Reform vum Stage, mee géint all Form vu Stage ausgeschwat.

Jo, si war esouguer bereet, doduerch de Statut vum Staatsbeamte fir déi zukünfteg Léierinnen a Schoulmeeschtere liichtfankeg op d'Spill ze setzen.

*... an den Ae vum SNE/CGFP war dëst eng total irresponsabel Haltung vun dëser Gewerkschaft géintwuer eise jonken an zukünftegen Kollegen. !!!*

... ee sënnvolle Stage :



De SNE/CGFP huet sech vun Ufank u fir e sënnvolle Stage agesat, deem eise jonken an zukünftege Kollege bei hirem Beruffsantrëtt hätt sollen hëllefen a si während hiren éischte Joren am Beruffsliewen hätt sollen ënnerstëtzen.

Leider ass dat och 2019 nach ëmmer net de Fall, obwuel den SNE/CGFP «entretemps» schonn dacks bei de Responsabele vum MENJE intervenéiert ass, fir déi Situatioun ze redresséieren an e sënnvolle Stage anzeféieren.




Den aktuelle Stage ass nämlech nach ëmmer keng «Plus-value». Nee, et ass definitiv eng «Corvée», e Stage vollgepaakt mat deelweis onsënnege Widderhuelunge vun Inhalter aus der Uniszäit, déi eis jonk Kollege stresst an hinnen dacks, vun Ufank un, d'Freed un deem schéine Beruff vum Enseignant hält.

De MENJE an den IFEN hunn total versot, an et net fäerdeg bruet, fir en hëllefpräichen, sënnvolle Stage op d'Been ze setzen, deem eis jonk Kollege motivéiert, déi nobel Tâche vum Enseignant ze iwwerhuelen. Oft geet ze vill Energie drop, fir fragwürdeg Coursen um IFEN ze suivéieren, Energie, déi de jonken Enseignant besser am Klassesall mat der Aarbecht mat a fir d'Kanner asetze kéint.


*... ee sënnvolle Stage !!!*





*... et gëtt also elo no 4 Joer «ronderëmdokteren» héich Zäit, dass net nëmmen de Kader, mee och den Inhalt vum Stage vu Grond op iwwerduecht ginn !!!*

... schonn erreechte Verbesserungen :



Obwuel de Stage nach zolidd op de Leescht geholl muss ginn, därf een net vergiessen ze rapelëiren, dass den SNE a seng Daachorganisatioun, d'CGFP, zanter der Aféierung 2015, schonn eng ganz Partie Verbesserungen, wat de Stage ubetrëfft, an d'Weeër geleet hunn :




> Nodeems den SNE/CGFP et fäerdeg bruecht huet, fir enger Majoritéit vu Studenten eng «Réduction de stage» vun 3 op 2 Joer ze erméiglechen, **kënnt et duerch den Avenant zum Accord salarial, deem d'CGFP verhandelt huet, zu enger allgemenger Reduktioun vum Stage vun 3 op 2 Joer fir jiddwereen.**

Jo, wéi de Minister Meisch et an engem Interview op RTL de 4te Mäerz 2019 ugekënnegt huet, ass hien esouguer bereet, de Stage fir d'Studente mat engem «Bachelor en sciences de l'éducation» op 1 Joer ze reduzéieren, mat awer dee Moment méi «Formation continue» am 1te Joer.

> Extrem zefridde si mir och, dass d'CGFP, **d'Daachorganisatioun vum SNE, et fäerdeg bruecht huet, déi komplett idiolesch 80-80-90 Reegelung ofzeschaffen.**

> **Jidderee verdéngt elo nees am Stage 100% an dat och retroaktiv ob den 1. Januar 2019.**

Déi entspriechend Gesetzestexter, déi den Avenant a Musek ëmsetzen, **sinn an der Tëschenzäit um Instanzewe.**




*... Stage : vun 3 op 2 Joer fir eng Majoritéit vu Studenten*

*... 80/ 80/ 90 ofgeschaaft*

*... 100 % Verdingscht am Stage :*

*déi entspriechend Gesetzestexter, déi den Avenant a Musek ëmsetzen, sinn an Tëschenzäit um Instanzewe !!!*






**... zwou Hauptfuerderungen vum SNE/CGFP  
bleiwe weiderhi bestoen !!!**

... zwou weider Hauptfuerderungen :

Mee weder den SNE nach d'CGFP si fäerdeg an dësem Dossier. Zwou Hauptfuerderunge vum SNE/CGFP bleiwe weiderhi bestoen :




- 1: De Stage muss inhaltlech esou reforméiert ginn, dass en endlech eng reell «Plus-Value» fir den «Enseignant-stagiaire» um Terrain/am Alldag duerstellt.**
- 2: All Forme vun Evaluatioun mussen aus dem Stage verschwannen. Nëmmen esou kann de Stagiaire déi néideg Serenitéit kréien, déi hie brauch, fir senger Missioun an der Schoul a senge Schüler gerecht ze ginn.**

**An den Ae vum SNE/CGFP ass et am Stage dee falsche Moment fir ze kucken, ob e Stagiaire fir de Beruff gëeegent ass oder net. Dat muss an den éischte Jore vun der «Formation initiale» geschéien.**

**De Stage soll begleeten, Onsécherheeten opschaffen a Kompetenzen erweideren, ouni alles aus dem Studium nees a Fro ze stellen an ouni op der Uni bestanen Inhalter vu Coursen 1:1 ze widerhuelen.**

**Wann am Stage Lacunne beim Wëssen oder bei de Kompetenze vum jonken Enseignant optauchen, da sollen dës individuell a punktuell behuewe ginn an net global, fir all «Enseignant-stagiaire» d'selwecht, erëm vu fir un duerchgeknat ginn.**

**Wat d'Evaluatioun respektiv d'Appreciatioun vun de Stagiairen ubelaangt, kritt den SNE/CGFP déi voll Ënnerstëtzung vu sengem Daachverband, der CGFP. D'CGFP fuerdert nämlech net nëmmen d'Ofschafung vun der Appreciatioun während dem Stage, mee allgemeng während der ganzer Carrière.**



**... Ofschafung vun der Appreciatioun,  
net nëmmen während dem Stage,  
mee allgemeng während der ganzer Carrière !!!**



## Invité vun der Redaktioun - 4. Mäerz : Claude Meisch



... ech denken, dass de Stage fir e jonken Enseignant néideg ass, fir gutt an de Beruff eran ze kommen, mä 1 Joer Stage misst duergoen ...

... deer Meinung ass den Educationminister Claude Meisch an huet dobäi eng weider Stage-Reform annoncéiert ...



<https://www.sne.lu/mp3/stagertlma.mp3>



<https://www.sne.lu/mp4/stagertlmv.mp4>



## Reaktioun vum SNE/CGFP - 4. Mäerz : Patrick Remakel



... den SNE, den Enseignants-Syndikat vun der CGFP, nennt d'Annonce vum Minister eng Ouverture ...

... mee wéi gesot den Inhalt muss änneren. Den Ament wier de Stage sënnslos ...

... déi jonk Enseignante géifen also éischer d'Loscht um Beruff verléieren, wéi datt se gehollef kréien ...



<https://www.sne.lu/mp3/rtlpstage.mp3>



<https://www.sne.lu/mp4/stageprtl.mp4>





Pressemitteilung :

## Abschaffung der 80/ 80/ 90 - Regelung ...



### CGFP :

#### Abschaffung der 80/ 80 /90 - Regelung

#### Mehr als nur eine Geste zugunsten der kommenden Generationen

Im Juni vergangenen Jahres hatte sich die CGFP mit der Regierung auf ein Zusatzpapier zum Gehälterabkommen von 2016 geeinigt. Ein Kernelement dieser Übereinkunft ist die Abschaffung der kontraproduktiven 80/80/90-Regelung. Die Praktikanten erhalten künftig wieder ein volles Gehalt während ihrer Ausbildung. Zudem wird die „Stage“-Zeit von drei auf im Prinzip zwei Jahre gekürzt. Der entsprechende Gesetzentwurf wurde am 1. Februar vom Ministerrat gebilligt und befindet sich somit auf dem Instanzenweg.

Bei einer gemeinsamen Pressekonferenz mit dem Minister des öffentlichen Dienstes, Marc Hansen, sprach sich die CGFP an diesem Mittwoch für eine rasche Umsetzung aus. Es ist höchste Zeit, diese Ungerechtigkeit aus der Welt zu schaffen. Die Verbesserungen werden nach der Abstimmung im Parlament rückwirkend zum 1. Januar 2019 in Kraft treten. Für die Referendare, die bereits das dritte Jahr ihres Praktikums absolvieren, drängt jedoch die Zeit. Andernfalls rückt für sie die verkürzte „Stage“-Zeit in weite Ferne.

Seit April 2017 hatte die CGFP unermüdlich Druck ausgeübt, damit die 80/80/90-Regelung rückgängig gemacht wird. Die Gründe dafür waren vielfältig. Zum einen war die mit der vorigen Regierung vereinbarte tief greifende Reform des Praktikums nicht zufriedenstellend umgesetzt worden. Zum anderen wollte die CGFP nicht länger hinnehmen, dass durch die 80/80/90-Regelung beim Staat billige Arbeitsplätze geschaffen werden. Zudem ist diese reine Sparmaßnahme in Betracht des wirtschaftlichen Wiederaufschwungs mit nichts mehr zu rechtfertigen. Immerhin ist der Haushalt des Zentralstaates 2018 zum ersten Mal seit zehn Jahren ausgeglichen.

Es wäre ein völlig falsches Signal, die Einsparungen auf Kosten der Berufsanfänger fortzusetzen. Hierzulande ist laut einer jüngsten Studie jeder fünfte Erwerbstätige im Alter zwischen 18 und 24 Jahren von Armut bedroht.

27te Februar 2019



Hinzu kommt, dass die 80/80/90-Regelung sicherlich nicht dazu beigetragen hat, die Attraktivität des öffentlichen Dienstes als Arbeitgeber aufrechtzuerhalten. Angesichts der mangelnden Fachkräfte im öffentlichen Dienst war sie das falsche Mittel, um dieses Problem zu beheben.

Das Zusatzpapier zum Gehälterabkommen von 2016 stellt übrigens ein Novum dar: Die CGFP verzichtete auf eine Punktwerterhöhung, um somit die Aufhebung der 80/80/90-Regelung zugunsten der kommenden Generationen möglich zu machen. Indem sie dem erzielten Abkommen grünes Licht erteilten, haben die CGFP-Fachverbände auf eine vorbildliche Art und Weise gezeigt, dass Solidarität innerhalb der CGFP keine leere Worthülse ist.

Die 80/80/90-Regelung war ein „No-Go“: Im Grunde genommen hätte sie nie eintreten dürfen! Der Vollständigkeit halber sei an dieser Stelle daran erinnert, dass die CGFP diesem Kompromiss 2011 schweren Herzens zustimmte, um weitaus schlimmere Pläne der damaligen Regierung zu vermeiden, wohlwissend, dass diese Zustimmung nicht für immer und ewig gelten könne.

Der Wegfall der 80/80/90-Regelung, auf den sich Blau-Rot-Grün im vergangenen Sommer einließ, war kein Wahlgeschenk. Die jüngsten Wortmeldungen der größten Oppositionspartei sind für die CGFP unverständlich. Erst neulich vertrat eine CSV-Abgeordnete die Meinung, die Regierung hätte vor der Abschaffung der 80/80/90-Regelung eine Studie durchführen müssen. Diese Aussage zeugt von wenig Kohärenz: Die Partei der besagten Politikerin hatte vor den Wahlen noch schriftlich versichert, dass sie dem Zusatzpapier bedingungslos zustimmen werde.

In Sonntagsreden der Jugend nach dem Mund zu reden, reicht nicht aus. Konkrete Taten müssen folgen. Geschieht dies nicht, verliert die Politik jede Glaubwürdigkeit.

Mit Genugtuung nimmt die CGFP zur Kenntnis, dass ein Teil des Zusatzpapiers zum Gehälterabkommen von 2016 bereits im Parlament verabschiedet wurde. Die Abgeordneten haben am vergangenen 12. Februar dem Gesetzentwurf zur Anhebung der Essenszulage zugestimmt. Somit steht einer schnellstmöglichen Umsetzung nichts mehr im Weg. Rückwirkend zum 1. Januar 2019 beträgt die monatliche „allocation de repas“ fortan 204 Euro, statt wie bislang 144 Euro.

Bei der Einführung der Zeitsparkonten im öffentlichen Dienst wurde die Gelegenheit genutzt, gleichzeitig auch Anpassungen bei den Sonderurlaubstagen vorzunehmen. Seit dem vergangenen 1. Oktober können werdende Väter zehn, statt wie bislang vier Tage Vaterschaftsurlaub beantragen. Im Gesetz zur Erhöhung der Essenszulage wurde deshalb eine wichtige Bestimmung diesbezüglich beigelegt: Auch jene Staatsbedienstete, die zwischen dem 1. Januar und dem 1. Oktober 2018 Vater wurden, kommen in den Genuss der Anhebung des sogenannten „Pappecongé“. Die sechs zusätzlichen Tage werden auf den „compte épargne-temps“ (CET) der Betroffenen übertragen.



... tout faux - tout vrai !?

... Buuh ... do !?



... mir gesinn d'Ganzdagsschoul  
weider als en Zil un ...

gratis Ganzdagsschoul ...  
och dat ass ee Punkt,  
deen an der haiteger Koalitioun ...  
ëmgesat gött ?!



... wat soll dat ...

muss do ee sech erneieren ?!  
wëll do ee sech ubidderen ?!  
gestallt do een de Koalitiounsprogramm ëm ... ?!  
weess do ee méi ... ?!  
muss do een eppes lass ginn ... ?!  
kann do ee de Mond net halen ... ?!  
ass do ee manipuléiert ... ?!  
funktionéiert do ee ferngesteiert ... ?!

....

... keep cool ...

@ flächendeckend Ganzdagsschoul :

# ee kloren NEEN säitens dem SNE/CGFP,  
« stylo rouge » zertifiziert :







BP 2437  
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18  
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu  
sne@education.lu

siège : 11-13, rue des Ardenes  
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

Lëtzebuerg, de 14te Januar 2019.



## sne - infomail

### **Flächendeckend gratis Ganzdagsschoul : Den SNE/CGFP seet NEEN !!!**

Den 12te Januar 2019 huet den LSAP-Fraktiounschef Alex Bodry sech an der Emissioun „Background am Gespréich“ op RTL-Radio ënnert anerem iwwert d'gratis Kannerbetreuung geäussert :

*D'Ganzdagsschoul géif weiderhin als Ziel ugesi ginn an d'gratis Ganzdagsschoul wier an deem Kontext e Punkt, deem an dëser Koalitioun géif ëmgesat ginn.*

14ten Januar 2019

14te Januar 2019

Den SNE/CGFP ass frou, elo endlech erausfonnt ze hunn, dass d'LSAP an der Persoun vum Alex Bodry e bildungspolitesche Spriecher fonnt huet, besonnesch och well d'LSAP, den Aussoe vum Här Bodry no, hier Kompetenzen onbedéngt an engem Deel vu Kärberäicher schäerfe misst, wou och d'Education als klassescht sozialistescht Thema derzou gehéiere géif. De Wieder vum LSAP-Fraktiounspräsident no ass d'Education an de leschte Joren an der Partei net méi genuch an de Virdergrond gestallt ginn an d'LSAP hätt och an de leschte Jore keng eege Konzepter an der Education méi entwéckelt.

**Den SNE/CGFP weist sech allerdéngs erstaunt iwwert d'Äusserunge vum LSAP-Fraktiounspräsident iwwert eng gratis Ganzdagsschoul, well een déi an dëser Form net am Koalitiounsaccord erëm fënnt. Et stellt sech d'Fro, a wéi wäit sech d'Koalitiounspartner an dësem Punkt eens sinn. Handelt et sech bei den Aussoe vum Här Bodry ëm e Virstouss vun der LSAP oder ass dëst wierklech d'Meenung vun der Dräierkoalitioun?**

**Den SNE/CGFP schwätzt sech op alle Fall géint eng flächen-deckend Aféierung vun der gratis Ganzdagsschoul aus.**

Wa Modeller vu Ganzdagsschoulen op eenzelne Plazen agefouert sollte ginn, **da muss op jidder Fall derniewent d'Alternativ vun der Schoul mat engem „normalen“ Horaire fir d'Schüler bestoe bleiwen.** D'Eltere müssen onbedéngt de Choix behalen, hier Kanner ausserhalb vun der Struktur vun enger Ganzdagsschoul ze erzéien. D'Aféierung vun enger Ganzdagsschouloffter muss fir d'Schüler fräiwëlleg bleiwen an d'Selbstgestaltungsméiglechkeete vun der Fräizäit vun de Kanner müssen zu engem héchstméigleche Grad erhale bleiwen.

Den SNE/CGFP strieft sech net géint eng punktuell Aféierung vu Modeller vu Ganzdagsschoulen (esou wéi se zum Beispill zu Esch/Uelzecht an an der Stad Lëtzebuerg bestinn).

D'Schafe vu Ganzdagsschoule muss awer am Averstännis mam Léierpersonal, dat an deene Strukture schaffe soll, geschéien. D'Aféiere vu Modeller vu Ganzdagsschoulen duerf keng Auswierkungen op d'Tâche vum Enseignant hunn.

Den SNE/CGFP wiert sech mat aller Vehemenz dergéint, dass d'Enseignanten do als « dindons de la farce » d'Fraise vun esou enger Initiative vun der Dräierkoalitioun géifen droen.

À bon entendeur, salut !

De Comité central vum SNE/CGFP



go and listen : > > > > > >



[www.sne.lu/mp3/Ganzdagsschoul\\_14012019.mp3](http://www.sne.lu/mp3/Ganzdagsschoul_14012019.mp3)

14te Januar 2019



## Le SNE/CGFP a participé à la « **Matinée des professions** » au « **Sportlycée** »



... « **Matinée des professions** » am Sportlycée :

De 6te Februar huet den SNE / CGFP op der «Matinée des professions» am Sportlycée de Beruff vum Enseignant promovéiert.

Déi interesséiert Schüler vun 3ème, 2ème a 1ère kruten ënner anerem beschriwen, wéi den Alldag vun eisem Beruff ausgesäit a kruten Äntwerten op all hir Froen.



6te Februar 2019



Syndicat **N**ational des **E**nseignants





D'Isabelle Loewenstein, d'Vanessa Schetgen an de Claude Schmit, dräi Membere vum Comité central vum SNE/CGFP, hunn an dësem Kader zwou Presentatioune vu 40 Minutte virun all Kéiers 30 interesséierte Studenten aus dem Sportlycée assuréiert :

6te Februar 2019



SNE/CGFP Presentatioun vum Beruff ...  
vum Enseignant am Fondamental  
fir d'Schüler aus dem Sportlycée ...  
am Kader vun der «Matinée des professions»,



## Matinée des professions ...

D'Studenten hu sech un hir Liblingsensegnanten zeréck erënnert an op engem Post-it festgehalen, wéi eng Eegeschafte si bei deenen Enseignantë positiv markéiert hunn ...

- Schoulmeeschter, dee vill verschidde Saache mécht
- vill Spiller
- lëif sinn
- motivéieren
- de Schüler ëmmer hëllef
- trotzdeem streng sinn

- Gedold
- konsequent
- kompetent
- verantwortungsvoll
- lëif
- motivéiert

- lëif
- kreativ
- spaasseg
- frëndlech
- organiséiert

- Bezug zu de Schüler
- Witz an d'Klass bruecht, mee gouf respektéiert
- Gedold

- Schoulmeeschter, dee vill verschidde Saache mécht
- vill Spiller
- lëif sinn
- motivéieren
- de Schüler ëmmer hëllef
- trotzdeem streng sinn

- autoritär awer net ze streng, vill gelaacht awer d'Kanner hu gefollegt

- Motivatioun
- Gedold
- sech an d'Lag vun de Kanner versetze kënnen
- Duerchsetzungsfähigkeit
- haart Stëmm

- autoritär awer net ze streng
- vill gelaacht awer d'Kanner hu gefollegt

- de Cours war ni t'selwecht : ëmmer op eng spilleresch Aart a Weis oder wéi eng Kompetitioun opgebaut

- net nimm Cours gehalen
- mee huet och no de Kanner gekuckt

- net nimm Cours gehalen

- mee huet och no de Kanner gekuckt

- de Cours war ni d'selwecht
- ëmmer op eng spilleresch Aart a Weis oder wéi eng Kompetitioun opgebaut

- Hëllef war do, wann een net gutt war an der Schoul

- Liesen a Schreiwe goufen op eng interessant Aart a Weis bäibruucht



6te Februar 2019



- gute Verbindung mit den Kindern
- witzig
- freundlich
- Respektperson
- Kontrolle über die Kinder

*Schoulmeeschter aus der Primärschoul :*

- huet ëmmer gerecht gehandelt, och wann e mech net leide konnt

- tolerant
- fein

- konnt d'Kontroll iwwert d'Klass behalen

- man wurde nicht wie ein kleines Kind behandelt

- ofwieslungsräiche Cours
- interessant Schoulhalen

- net ze oft ausflippen, nëmme wann en net anescht geet

- gutt erkläert, direkt zum Punkt komm

- net ze vill Hausaufgaben

- eng gutt Relatioun mat de Schüler

- locker (kee Stress)
- geet op d'Kanner an
- seriös a witzeg

- gedëlleg sinn
- eng gewësse Rou hunn
- Perspektiv vum Schüler verstoen
- d'Kanner gären hunn, gutt mat hinnen eens ginn
- konsequent sinn

- seriös awer och witzeg
- keen dee Stress baut
- vill mat de Kanner schwätzt
- net wéi kleng Kanner behandeln
- Spaass un der Schoul weist

- streng, konnt een awer trotzdeem laachen
- hëllefsbereet
- kreativ
- vill Strofen, wann ee se verdängt hat
- ëmmer aner Léiermethoden



## « Comité Syndical Européen de l'Education »

Conférence spéciale du CSEE :



ETUCE  
CSEE



ETUCE Special Conference  
Athens, 26-28 November 2018

Shaping the Future of Europe:  
The Role of Education Trade Unions

ETUCE - El European Region





# Façonner l'avenir de l'Europe :

## Le rôle des syndicats de l'éducation



300 délégués(e)s représentant 132 syndicats de l'enseignement, répartis dans 51 pays européens se sont rencontrés à Athènes afin d'examiner et de voter plusieurs résolutions.

Le SNE/CGFP était représenté par

le secrétaire **Gilles Glesener**,  
le président **Patrick Remakel**,  
et le responsable des relations internationales **Claude Ries**.



**Susan Flocken**,

directrice du CSEE, a présenté le thème de la conférence :

Façonner l'avenir de l'Europe – Le rôle des syndicats de l'éducation.

# Façonner l'avenir de l'Europe :

## Le rôle des syndicats de l'éducation

Dans son discours d'introduction Susan Flocken a relevé le nombre important de défis auxquels sont confrontés les enseignants :

### Pénurie d'enseignant :

De nombreux pays d'Europe connaissent une grave pénurie d'enseignants dans tous les secteurs de l'éducation, moins de diplômés entrent dans la profession et le personnel éducatif expérimenté part pour diverses raisons.

Au début de cette année scolaire l'Allemagne a connu des difficultés en raison du manque de 40.000 enseignants, la Suède prévoit la nécessité de 60.000 professionnels de l'enseignement dans les années à venir.

En France il n'y a pas assez d'enseignants de mathématiques et de langues pour pourvoir les postes vacants.



### Attractivité - Autonomie - Image et statut :

L'attractivité de la profession d'enseignant, associée au statut du personnel éducatif continue de se dégrader et les perspectives de carrière des enseignants sont limitées.

Les enseignants et les chefs d'établissement ne bénéficient pas de l'autonomie professionnelle indispensable afin d'effectuer leur travail de la manière qui correspond le mieux aux besoins des enseignants.

Alors que les exigences en matière d'éducation augmentent pour répondre au développement de la société moderne, l'image et le statut de la profession enseignante restent faibles.



## Les jeunes - Les hommes / les femmes dans l'éducation :

Il n'est pas étonnant que les jeunes ne soient plus intéressés à devenir enseignants.

**Qui souhaite aujourd'hui choisir un métier qui promet un début difficile, des opportunités de carrière lentes, un équilibre limité entre travail et vie privée ainsi qu'une faible reconnaissance du métier ?**

75 % du personnel travaillant dans l'éducation sont des femmes.

Que devons nous faire pour attirer plus d'hommes vers la profession enseignante ?



## Approches néolibérales - Privatisation :

**Des approches néolibérales et la privatisation de l'éducation augmentent**, que ce soit de manière cachée, où les parents contribuent financièrement à la vie scolaire à la place de l'État, ou ouvertement, où les entreprises privées financent des programmes scolaires complets et des infrastructures scolaires.

Quand est-ce que les gouvernements apprendront-ils qu'un investissement durable dans l'éducation ne signifie pas de couper le budget de l'éducation pour promouvoir ensuite le partenariat public-privé ?

Le CSEE, la région européenne de l'Internationale de l'Éducation, plaide pour l'accès de tous à une éducation de qualité en tant que bien public et droit humain.

# Façonner l'avenir de l'Europe : Le rôle des syndicats de l'éducation

# Façonner l'avenir de l'Europe :

## Le rôle des syndicats de l'éducation.

### Construire l'avenir avec les enseignants :

En novembre 2017, les chefs d'État des pays membres de l'Union Européenne se sont engagés à établir un espace européen de l'éducation au sommet de Göteborg et ils ont proclamé le socle européen des droits sociaux, se recentrant ainsi sur une Europe plus sociale.

Cette dynamique peut être utilisée pour amener la valeur de l'éducation et le statut de la profession d'enseignant à l'attention des gouvernements et des autorités éducatives au niveau européen et national.

C'est pourquoi le Comité du CSEE a décidé de lancer la campagne « Construire l'avenir avec les enseignants ».



### Les quatre piliers de la campagne sont :

- l'éducation de qualité pour tous,
- l'investissement public croissant pour un métier attractif,
- le renforcement du dialogue social et de la participation des syndicats de l'éducation dans la prise de décision,
- la promotion de la citoyenneté démocratique et de l'inclusion sociale.

Claude Ries



## Avis de la Chambre des fonctionnaires et employés publics

sur le projet de règlement grand-ducal modifiant  
le règlement grand-ducal modifié du 23 mars 2009  
fixant la tâche des instituteurs  
de l'enseignement fondamental

tâche

Par dépêche du 23 janvier 2019, Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse a demandé, «pour le 8 février 2019 au plus tard», l'avis de la Chambre des fonctionnaires et employés publics sur le projet de règlement grand-ducal spécifié à l'intitulé.

*Un règlement grand-ducal du 23 août 2018 a modifié l'article 17 du règlement grand-ducal modifié du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental en introduisant un nouveau mécanisme de rémunération des heures supplémentaires pour lesdits instituteurs.*

*Les nouvelles modalités de calcul, qui arriment les montants des indemnités pour heures supplémentaires au salaire de base des enseignants de l'enseignement fondamental, étaient censées être beaucoup plus favorables que l'ancien mode de rétribution qui distinguait seulement entre deux paliers, à savoir une indemnisation de "6,52€ N.I. 100 par leçon pendant les 12 premières années de service" et une telle de "8,92€ N.I. 100 par leçon après 12 années de service". Elles ont été introduites afin d'inciter les instituteurs en service à prêter davantage d'heures supplémentaires pour contrer les effets néfastes de la pénurie d'enseignants qui a enregistré un pic à la rentrée 2017-2018*

**Chambre des fonctionnaires  
et employés publics**

CHFEP

chfep

*Or, lors de la mise en œuvre du nouveau système, il s'est avéré que, comparé aux anciennes dispositions, le nouveau mécanisme de rémunération est moins favorable pour un certain nombre d'enseignants, notamment ceux en début de carrière ou en stage.*

*Le projet de règlement grand-ducal sous avis a pour objet de remédier à cette situation fâcheuse en réintroduisant le «taux de 6,52€ N.I. 100» en tant qu'indemnisation minimale à allouer pour une leçon supplémentaire.*

Le texte soumis pour avis à la Chambre des fonctionnaires et employés publics appelle les observations suivantes :

tâche

ad préambule ...

chfep

chfep

CHFEP

Quant à la forme, la Chambre prend note que, **une fois de plus, on s'est contenté de la mention «L'avis de la Chambre des fonctionnaires et employés publics *ayant été demandé*»** au préambule du projet de règlement grand-ducal. Cette mention ne correspond pourtant pas aux usages puisque la formule consacrée se lit: **«Vu l'avis de la Chambre (...)**».

À ce sujet, la Chambre des fonctionnaires et employés publics tient d'ailleurs à signaler qu'il découle de deux jugements du tribunal administratif, rendus le 12 octobre 2016 et le 24 janvier 2017, que le simple procédé **«de pure forme et stérile»** de solliciter l'avis d'une chambre professionnelle sans l'attendre, ou au moins laisser à celle-ci un délai suffisamment long pour se prononcer, constitue en fait une violation de la loi, alors que la chambre n'est pas effectivement et raisonnablement **«en mesure de finaliser son avis»** de remplir ainsi une mission lui imposée légalement.

Malgré l'annulation - entre autres pour ce motif - par lesdits jugements de deux règlements grand-ducaux en matière d'enseignement émanant du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, **la Chambre des fonctionnaires et employés publics doit constater que ce dernier se garde de suivre l'avertissement émis par le tribunal.** En effet, le délai "généreusement" accordé à la Chambre pour se prononcer sur le projet sous avis est de dix jours ouvrables (le dossier étant entré au secrétariat de la Chambre le 25 janvier).

Dans ce contexte, la Chambre tient par ailleurs à rappeler que les avis qu'elle émet sont en principe adoptés en séance plénière, le délai de convocation d'une telle étant fixé par son règlement d'ordre interne à **« cinq jours francs au moins »**.

## Chambre des fonctionnaires et employés publics

Enherstëtzt

ons

Annonceuren...

merci,



[www.she.lu](http://www.she.lu)





EMILEFRISCH




Autocars Emile Frisch  
Tél. (+352) 49 61 51-1  
[www.emile-frisch.lu](http://www.emile-frisch.lu)  
[info@emile-frisch.lu](mailto:info@emile-frisch.lu)

Iwwerall ënnerwee



**renovation.lu**  
är Renovatioun ass eis Passioun

Renovation clé en main



[www.renovation.lu](http://www.renovation.lu)

Tél.: 288 308 - 1



**ernster®**  
*l'esprit livre*




**MORE THAN A STORY,  
AN ALTER EGO.**

Order today, escape tomorrow.  
[www.ernster.com](http://www.ernster.com)



La librairie de l'éducation



Librairie • Papeterie  
**NOUVEAU:**  
Diderich Café Umeck

2, rue Victor Hugo  
L-4110 Esch-sur-Alzette

Service Librairie : 55 40 83 - 21 / 28

Service Papeterie : 55 40 83 - 22 / 32

Tous les livres et articles scolaires  
[www.diderich.lu](http://www.diderich.lu)



**VOYAGES**  
**VANDIVINIT**  
*Reesen mat Stil*

**Schulausflüge  
erleben**

Tél.: +352 23 66 83 41 - 1  
[contact@vandivinit.lu](mailto:contact@vandivinit.lu)



[www.vandivinit.lu](http://www.vandivinit.lu)



## Wo steuern Sie hin?

Bausparen – Steuern sparen

Ihr BHW-Berater gibt Ihnen dazu die besten Tipps und informiert Sie über die staatlichen Steuerfreibeträge – damit Sie alles bekommen, was Ihnen zusteht. Sprechen Sie mit einem BHW Berater drüber. Oder rufen Sie die CGFP Hotline an: 473651

**Die CGFP ist der BHW Bausparkassepartner im Großherzogtum Luxemburg für den öffentlichen Dienst.**



BHW Bausparkasse Niederlassung Luxemburg  
16, rue Erasme, L-1468 Luxembourg Kirchberg, [www.bhw.lu](http://www.bhw.lu)





# boesner

KÜNSTLERMATERIAL + EINRAHMUNG + BÜCHER

Alles was kleine Künstler brauchen



- Über 28.000 Artikel
- Staffelp- und Großhandelspreise
- Lieferservice
- Fachberatung mit Testmöglichkeit im boesner Werkraum

**boesner GmbH Perl**  
 Nenniger Straße 10 · D-66706 Perl-Besch  
 Tel.: +49 (0)6867 / 9 11 00 · E-Mail: perl@boesner.com  
 Mo-Sa 9:30 – 18:00 Uhr | Mi 9:30 – 20:00 Uhr

Auf **3.200 m<sup>2</sup>**  
alles was Kunst braucht

Frankfurt  
 Mutterstadt  
**Perl**  
 Saarbrücken  
 Trier

[www.boesner.com](http://www.boesner.com)

## Eine atemberaubende Reise in die Geschichte des Eisenerzbergbaus!

Die Besichtigung (max. 18 Kinder pro Gruppe) eignet sich für Kinder zwischen 6 und 14 Jahre. Die Kinder versetzen sich dabei in die Rolle eines Bergmanns: schleppen Eisenerz, erleben eine Sprengung, festigen die Decke usw. Am Ende der Führung erhalten die Schüler ein kleines Geschenk.



Für reservierte Gruppen (max. 18 Kinder pro Gruppe) ist das Museum ganzjährig geöffnet.

Für Einzelbesucher: April - Juni, Sept.: Do. - So. 14:00 Uhr - 18:00 Uhr  
 Juli - August : Di. - So. 14:00 Uhr - 18:00 Uhr  
 (letzte Führung um 16:30 Uhr)



Sie möchten einen Geburtstag bei uns feiern?  
 Kein Problem!

Nach oder vor der Besichtigung stellen wir Ihnen einen Raum mit Tisch und Stühlen zur Verfügung, wo Sie mit Ihren mitgebrachten Speisen und Getränken feiern können. Gerne können Sie auf Anfrage den Geburtstag auch in der Grube feiern. Bei schönem Wetter können wir den Tisch an die frische Luft stellen.



Musée National des Mines de Fer  
 Luxembourgeoises

Carreau de la Mine Walert  
 Rue de la Bruyère  
 L-3714 Rumelange

Tel: +352 565688  
 Fax: +352 26560503  
[www.mnm.lu](http://www.mnm.lu)  
[info@nmn.lu](mailto:info@nmn.lu)



voyages  
**emile weber**  
*éischtklasseng reesen*



**School  
trip**  
by emile weber

## Voyages scolaires et séjours éducatifs avec Schooltrip

Voyages Emile Weber propose des voyages scolaires, séjours éducatifs, excursions thématiques et des visites dans des entreprises de la région. Profitez du plaisir de partir tous ensemble vers une de nos nombreuses destinations ou celle de votre choix avec notre programme à la carte.

Découvrez nos offres attractives adaptées à tous les besoins et budgets!



Tél.: (+352) 35 65 75 - 300 · [info@schooltrip.lu](mailto:info@schooltrip.lu) · [www.schooltrip.lu](http://www.schooltrip.lu)

Informations et réservations :





# LUX VOYAGES

## Armenien & Georgien

Klöster und Kultur im Kaukasus

12-Tage-Studienreise

Studiosus



Armenien und Georgien, das sind 3000 Jahre Geschichte und eine Landschaft voller faszinierender Kontraste. Diese Studienreise mit Tiefgang führt Sie zu den Kulturschätzen zwischen Ararat und Kaukasus – von den frühchristlichen Klöstern Armeniens zu den stolzen Wehrkirchen Georgiens. In einer kleinen Gruppe erwartet Sie während dieser eindrucksvollen Kaukasusreise eine Vielfalt von Eindrücken: eine wilde zerklüftete Bergwelt mit grandiosen Aussichten, zahlreiche eindrucksvolle UNESCO-Weltkulturerbestätten, den mehr als 1000 Jahre alten Codex Etschmiadsin aus der Handschriftensammlung des Matenadaran, die fruchtbare Region Kachetien mit ihrer 7000 Jahre alten kaukasischen Weinkultur, herrlich deftige Speisen in traditionellen Restaurants, die landestypische sowie stimmungsvolle Musik und sehr gastfreundliche, herzliche Einheimische.

**Reisepreis ab 2.495€ / Person im DZ, inklusive**

- Bahnreise (1. Klasse) zum Abflugsort und zurück
- Linienflug (Eco) mit LOT Polish Airlines: Frankfurt-Eriwan / Tiflis-Frankfurt
- Transfers, Ausflüge und Rundreise in landesüblichen Reisebussen
- 11 Übernachtungen in guten und sehr guten Hotels (DZ mit Bad oder Dusche und WC)
- Frühstücksbuffet, 1 Mittagessen auf einem Weingut, 3 Mittag- und 4 Abendessen in landestypischen Restaurants, 2 Abendessen im Hotel
- Eintrittsgelder, Jeepfahrt in Kasbegi und Weinprobe laut Programm
- Speziell qualifizierte, ortsansässige Studiosus-Reiseleitung
- Infopaket und Reiseliteratur

Es sind 15 Termine zwischen dem 05.05.2019 und dem 30.09.2019 vorgesehen. Gerne beraten wir Sie und stellen Ihnen die ausführliche Reisebeschreibung dieser und einer Vielfalt anderer Kaukasus-Reisen vor. Wenden Sie sich einfach an Lux Voyages, Ihre CGFP-Reiseagentur.



**LUX VOYAGES** s.à.r.l.

25-A, boulevard Royal  
L-2449 Luxembourg  
Tel.: 47 00 47 - 1  
info@luxvoyages.lu





# moving people, moving school.

Ensemble vers de nouvelles aventures !

Solution de mobilité pour le transport scolaire par Sales-Lentz.

[sales-lentz.lu](https://sales-lentz.lu)



**Sales-Lentz**

moving people



**49<sup>ème</sup> Concours de dessin  
international Raiffeisen**



